

REGELBÜCHELCHEN

VUM

LEZEBURGER ORTHŒGRAF,

EN URESS,

ALS PRÓV,

D'FRAÈCHEN AUS DEM HÄ, A VERSEN

VUM

A. Meyer



Lüttich,

GEDRUCKT BEI H. DESSAIN.

H. LAMBERTUS-PLATZ.

—  
1854.



# RÈGELBÜCHELCHEN

VUM

LEZEBURGER ORTHOEGRAF.

**N. B.**

*a* an *o* vür de verschiden zorte vun *e<sup>en</sup>* an der selvecher Sylb, gi kês ausgespracht. *Ex.*

Toén, (lies Tén,)

gaèng, (lies gèng,)

Spaét, (lies spét,)

oistaènneg, (lies oistènneg,) etc.

## VÜR WÜRT.

'T schengt ên häut doan êneg, dat, ass et och net wichtig, et over oistaenneg sé, d'Spròch, dé e Vollek wât sech ass, riedt, só ze roeschten, dat s'ob d'mandst schecklech nieven àner, a woér et och um Kep, a wó net blenkeg, dach net wel, an ongeschnēt stoéng.

Doirfür desen Uress elo, de Grondplang vum Bau ênger spaéderer lezeburger Schrevt Spròch.

Ob Dank hoffen ech; ass d'Wierek over geròden? kuckt; et versücht ze hun ass scho vil.

An deser Schrevt stih vür d'Sàetz, dé mech an allem gelèt; wât ze dhun für den Orthœgraf aus, d'Liesen an d'Schreive gaèng ze mâhn; da kommen d'Règelen üver d'Vokàlen, d'Diftongken, d'Konsonanten; also véer §§ an allem.

## § 1.

### **d'Grondsàetz.**

**1.** Mir hun deutsch, fransoésch, an onser Würder, dohier èng dreifàleg Urrègel:

**1.** Für dé Deutsch, hàl dech un den deutschen Orthœgraf, schreiv:

Dhèer (Thier), Dhür (Thüre), ehm (Ihm), Oéhm (Ohm), etc.

**2.** Bei de wèlsche gev oicht:

*c*, get *k* vür *a*, *o*, *u*, an de Konsonanten; d'Diftongken, gin d'gleichtoéneg Vokàlen, d'stomm Bustave fàlen òv; schreiv:

Rido, (vu Rideau,)

Gilé, (vu Gilet,)

Maè, (vu Mais,)

Konsonant, (vu consonne,)

Klautchen, (vu cloutier,)

Oen, (vun Ognon), etc.

3. **Ons Würder schreiv natürlech, mat de Bustave dé d'Klaèng erfoideren; zum Beispil :**

**Klés, Zanz, Batz, Bòtsch, Klàbis, Brach, kotz, etc.**

**B. Behàl an den òvgelète Würder, de Vokàl vum Stàmwùrt bei.**

*Ex. e maecht, lies e mecht, (vu machen,)*

*Toén, (vun Tón,)*

*üver, (vun über,)*

*Griäser, lies grieser, (vu Gräs.) etc.*

**C. D'làng, oder bèsser d'Schléf-vokàle, gi m'am Dächstreich ^, a kès doibel geschriven; só :**

*ârem, net aaren,*

*blêchen, net bleechen,*

*fîcht, net fûcht,*

*ûcht, net uucht, etc.*

**D. Den deutsche b géht a v, de g an h, an der Mett, an hannen, üver. só :**

*Begroiven, (vu begraben,)*

*Riev, (vu Rebe,)*

*Ah, (vun Auge,)*

*Geih, (vu Geige,)*

*Fléhen, (vu fliegen,) etc.*

**d'Ausfoehrung.**

E Vürschlåg üver den Orthoëgraf, Z. B. des Schrevt, gièv vun èngem Kongré ænnersücht, fèst Règele geschlosst, des am Drock, as dé gut, dem Publicum matgedhêlt.

Dañ over e Liesboch; Schreiv, a Lies stonnen an de Schólen! dát muss vun der Regérocng ausgôhn — over!!

§ 2.

**D'Vokalen.**

**1. Den A.**

Tgin dreierlè A<sup>en</sup>; wé:

1° de stellen, an  
Ball, (vu balle;)

2° den hârden, an  
bâl, (bientôt;)

3° De schlêf oder lângen *a*, wé an  
Bâl, (en assyresche Gott).

Den hârde krit de Leih-strech ,  
de lângen den Dâchstrech *^*.



## 2. Den E.

Mir Ziälen en *elèng-E*, an e *mat-E*; dē stēht elèng, desen hoit en *a* oder en *o* mat sech, an zwar vür sech, Bustaven dé over net ausgespracht gin.

### A. Den elèng-E.

Dēr sen et der fœnnef : wé :

1° de stellen *e*, óhné strech ; an hetzeg ;

2° de stóss *e*, mat dem stòh-strech 1 ; an Hés, (cuisse ;)

3° den hârden *e*, mat dem Leih-strech ˘, an Hèss, (hessois ;)

4° de klack *e*, mat dem Fâl-strech ˘, an hēs, (enroué, heiser ;)

5° De lângen, oder schléf *e*, mat dem Dâch-strech ^ ; an hēschen, (mendier, demander.)

### B. de mat e.

üver de Gebrauch vun dēm —  
Zwó Règelen :

1° Schreiv oe für *e*, wann am Stämwûrt en *o*, oder en *u* stēht. Ex.

Mæck, (vu mücke,)  
æenner, (vun unter,)  
OEn, (vun ognon,)  
Toén, (vun Tón,)  
soëht, (vu sóhn,)  
etc.

2° Schreiv æ für e, wann am Wûrzelwûrt en a vûrkœ̃nt. Ex.

Fraèchen, (vu Fra,)  
haèt, (vun haben,)  
Mæus, (vu Maus,)  
etc.

3° ae, óhné Strech, kann och ä oder æ geschrive gin.

Ex. Mäus für Maeus.

4° oe, óhné Strech get och ö oder œ geschriven,

Ex. Miörder, für Miœrder.

### 3. Den i, ü, y.

#### a. den i.

Si sen zu drei :

1° de stellen i, óhné Strech, wé an :

Si,

Siven,

bis, etc.

2° Den hârden i, ma'm Leih-strech ~, wé an :

Lís, (Lisebet,)

Wls, (prairie,) wirwâr, gelrt, etc.

3° De lãngen, oder schléf i, ma'm Dãchstrech <sup>^</sup>,  
wé an :

Bls, (trou.)

Trichter, etc.

Den hãrden, an de schléf i, sen óhné Tœppel.

*b. den ü.*

*Règel.* Schreiv ü, net i, wann en u am Stãmwürt  
ass.

*Ex.* üver, (vun über,)

Brüder, (vu Bruder,)

süchen, (vu suchen,)

etc.

*c. Den y,*

An de Würder aus dem grékeschen, wé:

Sylb,

Fyseq,

etc.

*4. Den O,*

Et sen :

1° de stëllen O, óhné Strech, wé an

wolt,

Ston,

etc.

2° de Stóss o, ma'm Stòh-strech <sup>l</sup>, wé an :

Lóder, (charogne,)

Móck, (vum deutsche Molch,)

3° Deu hàrden o, mat dem Leih-strech <sup>v</sup>, wé an

Òtz, (Aas,)

Òmes, (Ameise,)

Gròf, (Graf,)

etc.

4° De Schléf o, ma'm Dâch-strech <sup>^</sup>, wé an

gôhn,

sôhn,

gedhôn,

etc.

### 5. Den u.

Mir hun :

1° e stellen u, óhné Strech, só an

Dum, (Dôme,)

Dubel, (monnoie,)

muss, etc.

2° e Schléf u, ma'm Dâch-strech <sup>^</sup>, só an,

Frúcht,

Lúcht,

etc.

3° en hârden *u*, ma'm Leih-strech *t*, wé an  
Mùs, (muse), Bùr, (fontaine), etc.

### § 3.

#### D'Diftongken.

Hei sen se :

au, ei, oi, ie

eu iä

äu iö

ai

#### 1. *au*,

En ass lãng, a kûrz ma'm zéchen *u*. *Ex.*

Vãul, (pourri,)

Faul, (paresseux,)

Brãut, (brasse,)

Braut, (fiancée,)

Laut, (son, bruit,)

Lãut, (sonne (les cloches,))

Hãut, (heute,)

Haut, (Haut,)

etc.

#### 2. *ei*, *eu*, *ai*.

Dé véer se gleichlautege, hire Gebrauch beróht ob  
dese Règelen :

1° Schreiv *eu*, net *ei*, wann am Stãmwùrt en *u*  
vürkœmmt.

*Ex.* Treu, (vun treu,)

neu, (vu neu,)

etc.

*Ei* ass bàl làng, bàl kûrz ma'm strech *o*, an ènge r  
Ènnercæng an der Bedeutcæng, bei synonymen.

*Ex.* Weis, (blanc,)

Wëis, (sage,)

steif, (roide,)

Stëif, (amidon,)

etc.

2° Schreiv *ai* für *ei*, wann am Ståmwûrt en *a* vür-  
kœm̄t ;

*Ex.* Noichtegailchen, (vu Nachtégall,)

3° Schreiv (*äu*) für *eu*, wann am Wûrzelwûrt en  
*a*, vürkœm̄t.

*Ex.* Mäus, lies Méis, (vu Maus,) Läus, lies Leis,  
(vu Laus,) etc.

### 3. *Oi*,

Get ausgespracht wé *oi* en de fransoésche Wûrder  
poivre,

voix, etc.

Ass làng, a kûrz mat verschidener Bedeutcæng,  
bei synonymen.

*Ex.* woihl, (wohl,)

Wöil, (voile,)

hoihl, (hohl,)

Höil, (prends,)  
etc.

4. *ie, iä, iö,*

Se gleichlauteq, gin ausgespracht wó ie an de fransoésche Würder.

Lièvre,  
Fièvre,  
etc.

*Ex.* Briechen,  
Stiechen,  
etc.

*Règel.* Schreiv *iä* für *ie*, wann am stämwürt en *a*,  
*iö* für *ie*, koemt am Wûrzelwürt en *o*, oder en *u* vür.

*Ex.* Griäser, lies grieser, (vu Gräs;) Miörder,  
lies Mierder, (vu Moird,) etc.

## § 4.

### **d'Konsonanten.**

#### *A. Allgemenges.*

4. Et siéf an der sëlvecher Sylb kên doibele Konsonant, e müsst dañ am Stämwürt doibel stóhn; den *r* verdoibelt sech kêmol an der næmlecher sylb. schreiv :

Kap, net Kapp,  
Pap, net Papp,  
Hèr, net Hèrr (monsieur,)  
Gesèll, (vu Geselle,)  
Gestèll, (vu stèllen,)  
Hoèll, (vun Hölle,)

etc.

2. D'Würder mat èngem *n* hannen, verléren dē Bustáv, wann d'Wûrt, wât drob kœñt, mat èngem vun dese Bustàve

b, f, g, k, l, m, p, r, s, v, w

oifaènt; kœñt over e Vokàl, oder é vun de konsonanten

c, d, t, h, n, z,

drob, da faèllt den *n* net óv.

*Ex.* De Pap,  
gude Páp,  
klòre Wein,

etc.

den Oileg,  
róden Ésseg,

etc.

den Cèsar,  
róden Dubel,  
gróssen Trichter,  
den Himmel,



längen Zaīt  
deken Nôhl ;  
etc.

**B. *Besonneres.***

**1. *den C.***

*Règel.* Schreiv *c* vür *e* an *i*, over *k* für *c*, vür *a*,  
*o*, *u*, an de Würder dé aus dem fransoésche koin-  
men, an dò en *c* hun.

*Ex.*

Cèsar,  
Citrón ,  
etc.

Konsonant,  
Kubiq,  
Karacter,  
etc.

**2. *Den f.***

1. *f*, *v*, *w* hun oft dē sèlveche Klāñk :

Schreiv *f*, wann dē Bustāv am Wûrzelwûrt vür-  
kœmt.

*Ex.* Gròf, (vu Graf,)  
Schlòf, (vu Schlaf,)

etc.

2. Schreiv *f* für *ph*, an de Würder dé aus dem  
grékesche stāmen.

*Ex.* Filosòf, net filosof,

Fyseq , net physeq ,  
etc.

### 3. De g ,

Si sen zu zwê, den deutschen, an de fransoéschen;  
dese get üverstracht.

*Ex.* Geschl ,  
Gank ,  
etc.

g̃ilé , (vu gilet ,)  
g̃enerés ,  
g̃iff , grũgelech , etc.

### 4. Den h , ch.

1° Den deutsche g , géht bei oñs zum ofsten an  
en h üver.

*Ex.* Géhnd , (vu Gegend ,)  
Ah , (vun Auge ,)  
béhen , (vu biegen ,)  
etc.

dēn h ass allzeit stomm.

2° De stommen h , am Oifank vun de Würder löße  
mer aus.

*Ex.* Eröm , für heröm ; Oschtgen für Hoschtgen ;  
en , e , für hen , he , (er).

Schreiv also en ass , net hen ass ; e maecht , net  
he maecht.

De stommen *h* an der Mett, oder um *Èn* vun de Würder, dé am Stàmwûrt en *h* hun, bleivt.

*Ex.* Dhéer, (vun Thier,)

woihl, (vu wohl,)

Muth, (vu Muth,)

etc.

3° Den *ch*, get oft wé de fransoéschen *ch* ausgespracht; dañ over krit en e Strech.

*Ex.* Mīchel, met̄ch, (vu miche,) etc.

4° Follegt ob *ch* en *s*, da klenkt e wé *k*.

*Ex.* Schluchsen, Ochs, Fochs, etc.

### 5. *De j.*

'Tsen der zwé :

1° Den deutsche, wé an

Jaèhr, (vu Jäger,)

Johr, (vu Jahr,)

etc.

2° De fransoésche, dese get überstracht, só :

J̄ang, (Jean,)

J̄àq, (Jaque,)

J̄ummen, (werffen,)

etc.

### 6. *Den l, m, n,*

Dé drei sen ètlechmòl lãng, da gi süverstracht.

*Ex.* Steī, (tranquille,)  
Mel, (doux,)  
Hāmbiār,  
Kāmpecht,  
Kañt,  
Zañt,  
Sohñ, (vu sohn, fils,)  
etc.

7. *De q.*

Schreib *q* für *k*, vür *ua*, *ue*, *ui*, *uo*.

*Ex.* Quóm,  
Quèll,  
Quetschen,  
Quonk,  
Quiken,  
Quákâsch, etc.

D'Würder aus dem wèlschen, behàlen de stām *q*.

*Ex.* Fyseq, (lies Fysek,)  
Kubiq, (lies kubik,) etc.

8. *Den s, ss, st.*

1° Den *s* get doibel, wann en doibel am Stām-  
wurt, oder für *st*, stêht.

*Ex.* Gróss, (vu gross,)  
Schnass, (vu schnüsse,) etc.  
ass, vun ist,)  
Palâss, (vu Pallast,) etc.

2° *St* get bål allzeit *scht* ausgespracht. Am Oifank vun de Würder; oder nõh de Vürschloéh, *ver, be, ge, on*, bleivt *st*; over an der Mett, oder am Ën schreive mer *scht* für *st*.

*Ex.* Stierven,  
onstiervleg,  
etc.

Bascht,  
maèschten,  
etc.

3° An den zesoimegesâte Würder, wó dât zwét mat *st* oifaènkt, bleivt *st*, a get *scht* ausgespracht.

*Ex.* Bustáv,  
Beistañd,  
Schwañzstier,  
etc.

4° An ètleche Würder dé sech ob *st* ènnechen, get *st*, wé am fransoéschen, z. b., wé a style, strie, etc. ausgespracht.

*Ex.* wost,  
Most,  
d'mandst,  
etc.

### 9. *De v, w.*

1° *De v* bleivt, wann en am Ståmwürt stêht.

*Ex.* Vul, (vu Vogel,)

Véh, (vu Vieh,)

etc.

2° Den deutsche *b* get oft bei oñs *e v*.

*Ex.* Lieven, (vu Leben,)

Steuver, (vu Stüber,)

etc.

3° De *v* ass oft sanneft, da klenkt *e wé w*.

*Ex.* Versen,

Bleiven,

Virgil,

Riev,

etc.

Den hârde *v* klenkt *wé f*.

*Ex.* vâul lies fâul,

Voider, lies foider,

etc.

4° Den deutschen *f* get oft bei oñs *w*.

*Ex.* Deuwel, (vun Teufel,)

Zweiwel, (vun Zweifel,) etc.

5° Schreiv *für*, lãng, mat èngem *f*, wann et sóvil hêscht *wé* am fransoésche *pour*; over *vür*, *kûrz*, ass gleichbedeuteg mat dem deutsche *vor*.

*Ex.* En ass *für* hie gângen, (il est allé pour lui;)

En ass *vür* him gângen, (er ist ihm vor gegangen; oder, er ging vor ihm.)

6° De *w* bleivt, wann en am Ståmwûrt vûrkœmt.

*Ex.* Wûrt, (vu Wort,)

Wóherecht, (vu Wahrheit,)

etc.

#### 11. Den z.

1. Den z klenkt wé *c* ; e bleivt wann en am Ståmwurt stêht.

*Ex.* Zahñt, (Zahn,)

Zammermañ,

etc.

2. De fransoéschen *s* get oft bei oñs en z.

*Ex.* Zort, (vu sorte,)

Zomm, (vu somme,)

etc.

#### üver den Apostrof.

Fålen ên, oder méh Buståven aus, da get d'Plåtz, wó se stóngen, durch en Apostrof oigin.

*Ex.* *Ma'm*, für *mat dem* ;

*'t*, für *et* ;

*Ah'n* für *Ahen*, (Augen) ;

*Dá'ss*, für *dát ass*, etc.

Wann den *n* hannen un de Würder ovfaellt, da kœmt kên Apostrof a seng Stèll.

*Ex.* Gude Mensch, net gude' Mensch.

*Schluss.*

Sóvil für de jetzege Beholf : mat desem Règel-  
büchelche léhert é schon zimlech ríchteg schreiven  
—nun over un d'Wiereck für èng gud Gràmaèr an e  
volstaènneche Lexicon ! dát ass dach d'Arbegt vu  
méhen.



D'FRAÈCHEN AUS DEM HÂ,<sup>Δ</sup>

ÈNG

SAÈCHEN A VERSEN.



## D'FRAÈCHEN AUS DEM HA.

De Bauer quôm ercœm gerañt,  
« A Sòht : « eh bê — da schlòht an d'Hand !  
» Cœm Gottes, Jeses Namen — dõt  
» Dañ höilt de Vul, cwé gesòht,  
» De Preis ass klèng — maè 'tass alt Gëld, »  
A gleich de Koirev vür mech stèllt.  
Et wòr e Kola, brong, a grò,  
Dach ètlech Fiedren Himmelblo.  
Ech gróf an d'Tèsch, bezoilt de Mañ,  
An dóng an d'Léher d'Dhéer dañ,  
Nòhdēm ech dreimòl, Freidaes, d'Zong  
Ehm œnne las éscht schneiden dong.  
Et schengt, et hât e gude Kap :  
Et léhert alles wé en Dap,  
Dé schoénste Pröv dervun ass det,

Dat kê gescheuter Kola get  
Am Land dorömmen, weit a brêt,  
Sóbàl as hièn de Moñd obdhêt.  
Woihl kañt e wéneg vum Latein,  
Seng Mudder-spròch dach wost e fein.

Ech hát ma'm Vul meng groéste Frèd;  
Nun dènt, wé dóng et mer só Lêd,  
Wé det en êmòl traurech soëht,  
Am schluchsen, an am kreische, schwâch,  
(Et wòr ob Lìsebetten Dâg : )  
« O ! lég ech siven Dunnen déf  
» Am Boidem vâul, an éweg schloéf,  
» Och haèt kèng Mudder mech gedrôhn »!  
A wé dan dât? ech dû e frôhn.  
O ! seufzt en déf, 'tass haut sein Dâg —  
A fól wé dódt doirnider schwâch.  
Ech gleich, mat Èsseg, a mat Salz,  
Ech reiven d'Broscht chm, an den Halz,  
A krût e gleich cröm ob d'Bên.  
Dach wé en èndlech nòh-en-ên,  
Dû rappt, wé dol, e sech e Schap  
Vu Plaume gefteg aus dem Kap,  
Dé wèrfft en doir, an troëpelt drob,  
» Só miücht ech d'Wèlt zertriede grob,  
Ja, häult e, wé mein Ongglœck get  
Kê groéssert, nèn, ob Jerde net!  
Nu wàrt, ech muss iech èppes sôhn,  
Dât dhoèt iech d'Hòr zu Biereg stôhn !

Giet oicht, d'Geschicht vu mengem Schmierz,  
Dé lêhn ech ganz nun an ért Hierz.  
Mei Noim ass Nekœl Weidenhûrt,  
A Leidleng d'Doیرهf wó ech wûrt.  
Dò wàrt mat Schmierzen d'ârem Braut,  
O ! d'lévegt Lîs ob mech nach häut,  
Et hofft, (ja hoff dech, äremt sât!)  
Ech quoém dach èndlech aus der Stâdt,  
A brieht ehm d'Brautstœck bàl, dat schoént  
Geschènk, dat Gœldent bim entgêhnt.  
Maè d'âremt d'Dhéer wàrt nach làng,  
Et get ehm méh as emòl bàng  
Bis dat et vu mer Nòhrîcht krit,  
An hoéert wât mat mir geschit.

Nu lauschtert ! 'Tstœcht am Hâ, bei'm Wèh,  
An ènger wel verwoise Lē,  
En Haus, vun âle schwârze Stèng,  
A metten an dem Bœsch elèng.  
Et lievt an deser Hoischt elei,  
Kê wês ze ziälen d'Jòhre Reih,  
Èng Fraèchen àl, an âgeschroĩpt,  
A schwârzer Troicht, a ganz zerloĩpt.  
Si ass dohier, am ganze Land,  
Als d'Fraèchen aus dem Hâ bekant.  
Si droéht e Bòk vu schwârzem Stofft,  
Èng Fieder wéscht drob an der Loft.  
Si gêht mat kèngem Menschen œm,  
Hirt jânze klenkt wé Gêse-stemm.

A rüfft se noits hoil an de Want :  
« Meng Söeschtercher komt oigerant »!  
Da fléht herbei e woéscht Gezeus  
Vun Eulen, Hîrzen, Flentermäus,  
A Kâtze, Mierschwei, Bœck gin ân,  
Kê wês da wât se banne mâh'n.  
E Koider, an èng Eul, am Dòh,  
Als Denger gin am Haus ehr nõh,  
Dën do maecht d'Feuer an den Hierd,  
Dé hei ehr spullt, an d'Koimer kiert.  
Si selver sücht ob Land, a Bâch,  
All gefteg Kraüder ob, den Dâg,  
All Schlänge, Mócken, Onke, Mäus,  
A kacht dât alles noits zu Spêis ;  
Si drœckt doraus en èlne sâft,  
En deuwels Dronk, voll Zauberkrâft.  
O wéh! wien dañ an déwer Noicht,  
Wann hie net oi Gesèhns gedoicht,  
Sech èppes spaét entzwó verweilt,  
A vür dëm Oirt verbei hei eilt :  
Dën hoit für d'lèscht als Mensch gelievt,  
A bàl als Vul am Bœsch e schwievt ;  
Durch dausend Kœnschte krit dé Al  
Den ârme Schlucker an hir Fâl,  
Da get e mat dem Zauberschmier  
Verwoenscht, a fléht als Vul dohier.  
Schir all Gefloégels wât do fléht,  
Se Menschen dé sech ês verspaét ;  
Ja, kœnt der d'Vulle Spròch versthòhn,

Dir hoéert wé hirt Lêd s'all klôhn !  
Kê Koïb, kèng Mierel, a kèng Kraéh,  
Dé net e Mensch verwœnscht do sé !  
Só góng et mir; só wahr e Gott,  
Ech wòr sos Mensch wé dîr, net spott,  
A wòr versprach mat Theyse Lîs,  
Dât Reicht u Land, a Bœsch, a Wis.  
Scho góng ech fort an d'Stâdt, a solt  
E Brautstœck kâfen ehm vu Gôld.  
Et wòr den Ovend ob Silvester Noicht,  
Wé ech verspaét erœm mech moicht.  
Ech hât e Gliäsche méh as sos gedronkt,  
En 'Toempchen önnér Wêh geronkt.  
Ob êmol stóng ech an dem wald,  
Verirt, 't wòr deuschter, nâs, a kalt.  
Ech wost ob êmol net wohin,  
Nach wó ech sen, nach wó ech stihn;  
Ech kucke bàl mer d'Ahen aus,  
Gesi kê Pâd, an och kê Haus.  
Ob êmol durech d'Reiser licht  
Et vür mer, wé èng Laamp gedîcht;  
A wé ech mech dohier besîn,  
Nach wóhi gôhn, am Zweiwel stihn,  
Dû klenkt et wé èng kœnneg Stemm :  
« Komm heihî, Nekœl, droéh dech œm !  
Hei ass e Pâd géh zó, rîcht zó »!  
Ech gin dem Piädche nôh, nu fróh,  
A kommen dû geschwen beim Haus  
Der Fraèchen aus dem Hâ hraus.

Ech kant nach goir d'Geföhre net,  
Dé et a spaéder Noicht hei get.  
Dât àlt, an agefâlen Haus,  
Gesóg nu wé e Pallâss aus.  
Et stêht a vollem Kierzeglanz,  
Ervöllt mat Museq, Jux an Danz;  
Et wibelt dran èng Mensche Mèng,  
A Lœschbaerkêt do Gróss, a Kléng.  
Dé schoénste Fràe vun der Wêlt  
Sen do den Ahe blós gestèllt.  
A wé verbei ech wôlt, am Lâf,  
Dû sprengt vu Fren heraus en Hâf,  
Dé triede vür mech an de Wèh,  
» Ah ça do, » sôhn se, » Nœkœl-hè!  
O lâf dach net verbei hei domm,  
An d'Lœschbaerkêt doir banne komm!  
O! komm dach an den Danz, et stêht  
Für dech elèng hei d'Lis berêt,  
Komm kœss, an drœck dei Levt nu sât,  
'Terwàrt scho lèng dech aus der Stâdt »!  
A wé nun durech d'Fenster weñkt  
Hat selver: » komm »! an ê mer dreñkt,  
Dû hât meng Ongglœcksston geschlœhn,  
Ech kont dû net méh widerstôhn,  
A wòr an èngem Sproñk am Haus;  
Dach wéh! All Jubel wòr hei aus.  
Ech stóng an ènger deuschtre Stuv,  
An hoéert aus der Tàk dē Ruff:  
Wât ass dât do nês für Gefier?



Gleich Koider mer èng Flaèschen hier!  
Wien hoit meng Róh frèch cennerbracht?  
Mer d'Lanter, Eulchen, oigestacht!  
An d'Wiär, meng Brüdercher! 't gèht gut —  
Ech rechen cœm mech Mensche-Blut.  
Èng krœplech Fraèche kroch hervür:  
Ei! wëlkomm Nekœl, lâcht se mir,  
'Tass kâl, a ficht hent an der Loft,  
Èng Dröbchen helleft doirgéhnt oft!  
Hei Nekœl — hei! dât stiärkt de Mòh,  
Gesondhêt Nekœl, drenk du — do!  
Si schmiert mer gélang üver d'Leps,  
Aus ènger Flaèsch, èng èklech Drœps  
Vun èngem stârke woéschte Sâft,  
Dën hîr de Koider doirgeschâft.  
Ob êmòl gin ech an-en-ên,  
Gesin ob d'Haut sech Plaume lêhn,  
Aus jedem Arm e Flœhlek trett,  
Zum Schniävel Nôis, a Moïnd mer get;  
Ech wœll cœm Hœllef ruffen d'Lëut, —  
E Koibe Schrê ertoénnt an d'Wëit —  
Ech wor e Kola. Jèh nu fléh!  
Jäuzt d'Fraèchen hës, et ass scho froóh!  
Wät sträuchs d'och an der Noicht dohier?  
Du hois dei Lîsche maèchteg gier!  
Do hat für dech durch d'Feuer laéf:  
Géh hêm, an drœck et für mech lév!  
Ech kommen dach ob d'Hóchzeit bàl?  
Só spott mer önnner d'Nôis dé Al.

Si jòht mech nun zur Fenster aus,  
A kaum wòr ech aus hirem Haus,  
Ongkœnneg nach am Vulle Stand,  
Se gleich ech an e Gâr gerant;  
Gefänge, góv ech iech verkâf,  
Do west der nu mei Lievens Lâf.

Dât Ongglöck dóng mer hierzlech lèd,  
Ech mâh mech gleich zur Rēs berêt,  
A lâfe fort durch Bœsch, a Wìs,  
M'am Vul, an èngem Schwês, zúm Lìs.  
Ech sôhn ehm alles wé et góng;  
Et gleich ehn a seng Koimer hóng:  
« Ech hu für Ma<sup>m</sup> e Kola nun,  
'T sen àner », soëht et, » schlèchter drun »!  
Ech móch mech gleich eröm an d'Stâdt,  
An hun dé Saèchen obgesât.

